PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun, Wunnéngsbau & Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

De *Nationale Plang fir Integratioun (Pan intégration)* ass den 13te Juli 2018 am Regierungsrot ugeholl ginn. D'Zil vun dësem Plang ass et déi sozial Kohäsioun tëscht Lëtzebuerger a Net-Lëtzebuerger, dorënner falen och d'Flüchtlingen, hei am Land ze stäerken. Ausser der Existenz vun de grousse Linnen sinn bis haut awer nach keng Eenzelheeten zur Ëmsetzung vum *PAN intégration* bekannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Virdeeler bréngt de Nationale Plang fir d'Integratioun op kommunalen a nationalen Niveau fir DPI'en a BPI'en mat sech?

2. Wéi eng Roll spillen d'Office sociaux an der Ëmsetzung vum PAN Integratioun? Wéi eng exakt Aufgaben faallen den offices Sociaux aus den Aktiounsdomäner vum PAN intégratioun zou? Wéi ginn d'Offices sociaux bei dësen Aufgaben vum Ministère ënnerstëtzt?

3. Am Budget 2019 gëtt de Nationale Plang fir d'Integratioun mat 2,5 Milliounen Euro dotéiert. Wéi eng Projete solle mat dëse Sue finanzéiert ginn? Goufe schonn *Appel à projets* lancéiert? Falls jo, wéi eng sinn dat a wat sinn d'Zäitfristen?

4. Ass d'Regierung der Meenung, dass de LISKO den adaptéierten Outil ass fir d'Begleedung an d'Integratioun vun de BPI'en?
    - Falls jo, wat ass den zentrale Schwéierpunkt vun dësem Service ?
    - Wéi eng finanziell, personell a materiell Ressourcë stinn dem LISKO zur Verfügung?
        - Wéi eng vun dëse Ressourcë ginn dem LISKO am Kader vun der Konventioun mam Ministère bereetgestallt?
        - Ass d'Regierung der Meenung, dass des Ressourcë fir d'Erfëlle vun de Missioune vum LISKO duer ginn?
    - Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass eng Dezentraliséierung beim LISKO ubruecht wär?

5. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Zesummenaarbecht tëscht den Acteuren, déi an der Integratioun schaffen, verbessert kéint ginn?
    - Falls jo, wéi kann een d'Kommunikatioun tëscht dem OLAI (oder der spéiderer ONA), dem LISKO, den Office Sociaux an aneren Intervenant'en verbesseren?
    - Wéi steet d'Regierung zur Iddi fir de *Comité interministériel,* den am Artikel 6 vum Integratiounsgesetz virgesinn ass, ze erweideren a Vertrieder vun der

Zivilgesellschaft mat eran ze huelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange